

Pressemitteilung

17. März 2021

D'DP proposéiert de Marc Meyers fir de vakante Posten am Staatsrot

De Comité directeur vun der Demokratescher Partei huet a senger Reunion vum 17. März eestëmmege decidéiert, der Regierung den Här Marc Meyers fir de vakante Posten am Staatsrot ze proposéieren.

De geléierten Dirigent ass zanter 2011 Direkter vum Stater Conservatoire an huet als Professor Trombone a Kammermusek enseignéiert. Do dernieft huet hien e Master an der Orchesterdirektioun ofgeschloss a "Nonprofit a kulturellt Management" studéiert. De Marc Meyers entsprécht soumat dem ausgeschriwwenem Profil vum Staatsrot.

D'Demokratesch Partei seet der Madamm Agnès Durdu Merci fir hire laangjäregen Engagement am Staatsrot, deen si déi lescht zwee Joer presidéiert huet.



**DEMOKRATESCH
PARTEI**

2A, rue des Capucins
L-1313 Luxembourg

Tel. : 22 10 21
Fax : 22 10 13

secretariat@dp.lu
www.dp.lu